Minikolonie

Lombardsijde 2009

Den 2. August 2009 war et erem souwait, 4 Monitricen, 1 Moniteur, 1 Directrice an 13 Butzen hunn sech op den Wee op Lombardsijde bei d'Mier gemeet.

Nodeems mer eis de Bauch gutt vollgestopft haten an d'Valisen schnell ausgepaakt woren, hun mer eis seier bei d'Mier gemach. Fir verschiddener war dest e ganz neit Erliewnis.

Den 2. Dag sin mer mat Saak an Paak op de Strand gefuer. Wei mer dun endlech all gudd agecremt waren, gouf flaisseg gebuddelt, gebaak an dei scheinsten Buergen gebaut. Mat Sand op allem meiglechen Plaatzen an vill Honger sin mer drun zreck an d'Haus vum Foyer gefuer.

Den 3. Dag sin mer Go-Kart fueren gangen, zur grousser Freed vun eisen klengen « Michael Schumacher », während d'Meedercher op hierem Go-Kart Glacen verkaaf hun. Mettes goung et dun nees op den Strand.

Den Dag drop war et dunn souwait, mer sin mat engem Picnic an de Park « Plopsaland » gefuer. D'Wieder huet gudd matgespillt an d'Kanner hun sech rieseg op den verschiddenen Karusseller amuseiert. Am Bus fir zreck sin deenen meeschten din d'Aan zougefall.

Den 6. August haate mer Wieder wie an deiwen Süden. D'Mailloten an d'Schwammboxen goufen ausgepaak an opt Waassertaugleschkeet getest.

Den leschten Dag huet eis dat belgt Wieder (Reen) nees ageholl, a kuerzerhand goufen d'Souveniren selwer gebastelt. Obwuel d'Kanner die deeglech Gutt-Nuecht-Geschichten gefall hun, hun mer missen heem Richtung « Mammen an Pappen ».

E grousse MERCI un die ganz Mannschaft vum Haus an zumools der Kichen fir dat gutt Iessen, och wann d'Pizza net ronn war.

D'Ana, d'Elisabeth, de Mika, D'Patricia an d'Sabrina

soen den Kanner villmols MERCI fir die Schein Kolonie.